

## Verwandelt Är Reschtmaterialien an eng wäertvoll Ressource.

Centre
**Formida**

Gestalten. Matmaachen. Léieren.

Gitt Deel vun eisem Kreeslaf-Reseau uechter d'Land an d'Groussregioun. Mir kommen Är spezifesch Reschtmaterialie sichen a botzen se.

Duerno bearbechten mer d'Materialien a verwäerten se weider am Kader vun Educatiounsprogrammer fir Kanner a Jugendlechen.

# Är Avantagen



- **Kanner a Jugendlecher an hirer kreativer Entwécklung ënnerstëtzen**
- **Hëllefen, Offall ze reduzéieren a Ressourcen ze spueren**
- **Méi grouss Visibilitéit an Ärer Regioun**
- **Deel si vum „Kreeslaf-Reseau Centre Formida", enger sozialer an ökologescher Aktioun**







De **Centre Formida** ass e Bildungzenter, deen edukativem Fachpersonal, Enseignanten, Kanner a Jugendlecher eng ganz Rei vun Aktivitéiten ubitt.


Eist pädagogescht Konzept sensibiliséiert fir en wäertschätzenden Ëmgang mat Ressourcen an erlaabt kreativ, sozial an ästhetesch Kompetenze weiderzëentwéckelen.

# Materiale sammelen











**Wie kann eisem Reseau bäitrieden?**

- Industriell Betriber
- Familljenentreprisen
- Grouss Entreprisen
- Geschäfter
- Organisatiounen (ëffentlech Institutiounen, Muséeën)
- Logistikzenteren
- Betriber déi hir Dieren zoumaachen oder plënneren

**Wat kënne mir net entgéinthuelen?**


Mir kënnen nëmme Materialien unhuelen, déi eise Sécherheets- a Qualitéitskritären entspriechen. Är Materialien däerfen net potenziell schiedlech oder ze vill dreckeg sinn.





# Fonctionnement

De Prozess




1. Mir komme bei Iech, fir Är Reschtmaterialien ze iwwerpréiwen an ze **evaluéieren**.

2. Wann en Accord zustane kënnt, kritt Dir eng Këscht, déi un Är Besoinen ugepasst ass, wou Dir Är Materialien kënnt dra **sammelen**.

3. Wann néideg, kënnt eis Equipe d'Materialie **sichen**. Dir sidd da Member vun eisem Reseau!

# Zukunft vum Handwierk



## Gitt eng zweet Chance!

Mir gleewen un zweet Chancen an nei Ufäng. Déi Jonk vum Centre Formida sinn tëschent 12 an 24 Joer. Niewent der Bereetstellung vun Äre Materialie kënnt Dir och jonke Leit hir Liewensprojeten op ënnerschiddlech Aart a Weisen ënnerstëtzen, zum Beispill andeems Dir Stagen, Beschäftegungsméiglechkeeten oder eng Visite guidée duerch Är Raimlechkeeten ubitt.

> "Hei am Centre Formida gëtt individuell no mir gekuckt, dëst ass wichteg fir meng Zukunft a mäi Wee ze fannen. Ech hunn e gereegelten Alldag a kréien e Basiswësse wéi een am Holz oder Metall schafft an e CV schreift."

**Centre Formida** | 121, rue Jean-Pierre Bausch L-4023 Esch-sur-Alzette | Tél. +352 28 38 03 00 | E-mail: formida@arcus.lu

# Ablécker













Centre
**Formida**

Gestalten. Matmaachen. Léieren.





**Centre Formida** | 121, rue Jean-Pierre Bausch L-4023 Esch-sur-Alzette | Tél. +352 28 38 03 00 | E-mail: formida@arcus.lu

# Merci

**Centre Formida**

121, rue Jean-Pierre Bausch

L-4023 Esch-sur-Alzette

Tél. +352 28 38 03 00

E-mail: formida@arcus.lu

arcus
am Déngscht vu Kanner, Jugend a Famill

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

ŒUVRE
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte